Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Gemengegesetz ass den Oflaf vun enger Gemengerotssitzung a verschiddenen Gesetzesartikelen gereegelt. An engem Gemengerot gëllt u sech de Prinzipp, dass SOLL diskutéiert a gestëmmt ginn. D'Gemengegesetz geseit net explizitt vir, dass Gemengeconseilleren net dierfen d'Wuert ergräifen oder wien an enger Gemengerotssitzung zu wéi enge Punkten schwätzen däerf.

D'Gemeng kann an engem interne Reglement heizou nach spezifesch Reegele bäisetzen. Esou ass an engem Péitenger Gemengereglement virgesinn, dass de Schäfferot Kommunikatiounen un de Gemengerot kann adresséieren. Dëst Kommunikatiounsinstrument dierf, nom Reglement, nëmme vum Schäfferot a Buergermeeschter genotzt ginn. Ee Gemengeconseiller kritt an däser Rubrik, zu engem Punkt um Ordre du Jour, also de Mond verbueden. D'Motivatioun vun dësem Mondverbuet ass: "un conseiller n'a pas automatiquement un "droit de communication" équivalent au collège".

Méiglech gesetzlech Aschränkungen zum Riederecht kënne wuel iwwert verschidden d'Artikelen vum Gemengegesetz gemaach ginn, wépi zum Beispill den Artikel 13 (dee reegelt, dass am Prinzipp net dierf zu anere Punkten geschwat ginn, wéi déi, déi um Ordre du Jour vun der Sitzung festgehale goufen, ausser an Ausnahmefäll) an den Artikel 17, dee virgesäit, dass de Buergermeeschter d'Sitzunge leet.

Et stellt sech awer d'Fro, ob duerch d'Praxis vun dësem Privileeg fir dierfen ze schwätzen d'Gläichheet tëschent de Gemengerotsmembere garantéiert ass, well dës normalerweis keng Debatt, Froen oder Remarken erlaabt

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

piraten.lu

PIRATEN

1. Ass d'Dispositioun, datt Gemengeconseilleren an enger Gemengerotssitzung net dierfen zu engem Punkt um Ordre du Jour d'Wuert ergräifen, mam Gemengegesetz kompatibel?

2. Ass d'Dispositioun, datt nëmmen d'Schäffen oder de Buergermeeschter dierfen zu engem Punkt um Ordre du Jour schwätzen, mam Gemengegesetz kompatibel?

3. Falls déi vireg Dispositioune konform mam Gemengegesetz sinn, wéi ass dann d'Gläichheet an d'Gläichbehandlung tëschent de Memberen am Gemengerot respektéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés